



MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer zur Diskussioun respektiv Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun der Madamm Hetto-Gaasch deposéiert ginn ass.

Ass nach een, deem d'Wuert zu där Motioun wëllt ergräifen? D'Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), *rapporteuse*.- Jo, Här President, ech wollt mech eigentlech der Appreciatioun vun der Madamm Ministesch uschléissen. Ech fannen och, dass déi Revendicatiounen hei wierklech ganz zukunftsorientéiert sinn an dass et wierklech elo an dëser Phas drëms geet, dass mer sécher mat deem Tabu vun der Euthanasie solle briechen an dass mer eis d'Moyene solle ginn, fir an der Praxis och kënnen beschméiglech mat dësem Thema ëmzegoen.

Duerfir géif ech recommandéieren, dass mer dës Motioun och unhuelen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hemmen.

Kënnen mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

8. Dépôt d'une résolution par M. Marc Spautz

Da géif ech dem honorabelen Här Marc Spautz d'Wuert gi fir den Depot vun enger Resolutioun. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de 27. Januar 2021 hat ech d'Éier, am Numm vu mengem Grupp eng Proposition de loi ze hannerleeën, déi och vum Bureau ugehall ginn ass, wat d'Aiden ubelaangt fir an de Betriber, dat war d'Proposition de loi 7754. An do hat ech och Montanten dragesat, mee d'Europäesch Kommissioun an hirer Wäisheet huet déi Montanten nach an d'Luucht gesat ...

(Hilarité)

... op den Datum vum 28. Januar 2021! An dofir géif ech gäre mat enger Resolutioun heibanne froen, dass mer eis als Chamber opfuerderen, dass mer dann och do de Maximum huelen; ech hat de Maximum drageschriwwen, deem nach gegollt huet de 27. Januar, mee well d'Kommissioun den 28. Januar an d'Luucht gaangen ass, dass et dann och soll dee Plaffong sinn, deem d'Europäesch Kommissioun doran erlaabt huet, well d'Kommissioun huet dat gemaach an dofir wär et gutt, wa mer dat och an der Proposition de loi kéinte berücksichtegen. Et geet och an engems drëm, dass een dat alles ka bis den 31. Dezember 2021 ufroen.

An da géif ech och nach gläichzäitig proposéieren, déi Kollegen, déi mat dobausse ware wéi den Här President, et ass jo och do eng Proposition de loi gemaach ginn ass vun de Leit vun der Horeca, dass een déi och soll matberücksichtegen an all deenen lwwerleeungen, déi elo an deenen nächsten Deeg kommen. Ech gi jo dovun aus, dass mer an den nächste Stonne wëssen - den Här Bausch weess scho méi -, wat muer op eis zoukënn, an dass mer dann och all déi Saachen do kéinte berücksichtegen.

Villmools merci!

Résolution

« Révision de la proposition de loi n°7754 relative à la contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises »

La Chambre des Députés,

- vu la proposition de loi n°7754 portant e. a. modification de la loi du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises, déposée le 27 janvier 2021 par notre groupe politique ;

- considérant

• que la Commission européenne a publié le 28 janvier 2021 la cinquième modification de l'encadrement temporaire des mesures d'aide d'État visant à soutenir l'économie dans le contexte actuel de la flambée de Covid-19 et modification de l'annexe de la communication de la Commission aux États membres concernant l'application des articles 107 et 108 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne à l'assurance-crédit à l'exportation à court terme ;

• que cette communication a pour objectif

° de prolonger les mesures énoncées dans l'encadrement temporaire jusqu'au 31 décembre 2021 ;

° d'adapter les plafonds d'aide de certaines mesures afin de faire face aux effets économiques prolongés de la crise actuelle ; et

° de préciser et modifier les conditions applicables à certaines mesures d'aide d'État temporaires que la Commission juge compatibles au titre de l'article 107, paragraphe 3, point b) du traité sur le fonctionnement de l'Union dans le contexte de la pandémie de Covid-19 ;

- lu le communiqué de presse de l'asbl « Don't forget us » et revu la proposition de loi remise aux membres de la Chambre des Députés à l'occasion de la manifestation organisée par celle-ci,

décide

- d'adapter la proposition de loi n°7754 afin d'épuiser au maximum les possibilités offertes par la Commission européenne et en tenant dûment compte des propositions faites par le secteur Horeca.

(s.) Marc Spautz, Félix Eischen, Léon Gloden, Martine Hansen, Laurent Mosar.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Spautz.

9. 7652 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés ;

2° la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7652 iwwert d'Verwendung vu Radaren, déi verschidden Zorte vu Verkéiersdelikter gläichzäitig erkennen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Carlo Back. An dee kritt och elo d'Wuert. Här Back, wannechgelift!

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kollegeinnen a Kollegen, de Kontext vun dësem Projet de loi - wéi gesot, et geet ëm d'Radaren - ass de Plan d'action vun der Verbesserung vun der Sécherheet am Stroosseverkéier, e Plan d'action, dee vun 2019 bis 2023 leeft.

Hei geet et drëms, d'Zuel vun den Autosaccidenter, sief dat mat engem déidlechen Ausgang oder mat schwéiere Verletzungen, drastesch erofzesetzen. An eist laangfristeg Zil ass et, fir guer keng déidlech Accidenter op de Stroosse méi ze hunn, also « Objectif zéro ».

Dëse Projet de loi ass am Kader vun dësem Plan d'action ze gesinn. D'Moossnam Nummer 14 gesäit vir, datt duerch Rout ze fueren, wéi een dat esou schéin op Lëtzebuergesch seet, sanktionéiert sollt ginn, dëst, wéi gesot, fir schwéier Accidenter domat ze ënnerbannen. Ee Beispill vun enger Kräizung, déi lech all bekannt ass, wou an der Vergaangenheet och esou eng Rei Accidenter geschitt sinn, dat ass d'Stäreplaz hei an der Stad.

Fir dat kënnen ze maachen, muss ee sech natierlech och déi noutwendeg Base légale ginn, mee doruwwer eraus och déi néideg Kontroll- a Moossinstrumenter. D'Base légale fir d'automatiséiert Kontroll bei Roude Luuchte gëtt et bekanntlech schonns. Et ass elo schonns verbueden, iwwer Rout ze fueren, mee natierlech, wa kee Polizist do steet, da geschitt och näischt. Hei geet et also ëm Rout-Luuchte-Kontrolle mat automatesche Geräter.

Am Gesetz vum 25. Juli vun 2015 „portant création du système de contrôle et de sanction automatisés“, och nach „CSA-System“ genannt, ass de ganzen Dispositif vun de Kontrollen, déi mat automatiséierte Radare gemaach ginn, festgeschriwwen.

Mat deem haitege Projet passe mir dëst Gesetz eigentlech just op engem zentrale Punkt un. Den aktuellen Dispositif definéiert momentan véier Infraktiounen, déi kënnen mat Système CSA per Radar kontrolléiert a sanktionéiert ginn. Mam virleiende Gesetzesprojet gëtt et an der Zukunft méiglech, mat engem eenzege Radargerät net nëmme méi eenzel Infraktiounen feststellen, mee simultan méi Infraktiounen ze identifizéieren.

An der Praxis soll dat nom Vott vun dësem Projet de loi mat der kombinéierter Kontroll vun der Vitess a vum Respekt vun der Rouder Luucht op der Stäreplaz geschéien. Zwee weider Emplacementer fir dëse Rout-Luucht-Kombiradar si schonn am Gespräich, notament d'Rue de Hollerich an de Schlammestee.

Grondsätzlech gesäit de CSA-Dispositif folgend Infraktiounen vir, déi de Radar kann identifizéieren: ze héich Vitess vu Gefierer op enger preziser Plaz, dat heescht op enger Plaz, wou d'Autoen op de Radar zoufueren oder sech eloignéieren - dat kenne mer elo schonns -; ze héich duerchschnëttlech Vitess tëschent zwee Punkten - „Section-Control-Radaren“ - an dann den Netrespekt vun enger Rouder Luucht, mee och vun anere Luuchtesignaler; en ze klengen Ofstand tëschent zwee Gefierer; d'Fueren iwwer eng Bande d'arrêt d'urgence wéi zum Beispill beim Rietsiwwerhuelen op der Autobunn oder d'Fueren iwwer eng Strooss, déi gespaart ass, oder en Deel vun der Strooss, dee fir aner Gefierer reservéiert ass, zum Beispill d'Fueren op enger Busspuer - do ass et net erlaabt fir Autoen.

Dëse Projet de loi wäert dem Minister et erlaben, Moossinstallatiounen opzeiichten, déi dës Versteiss kënnen simultan erfaassen.

En zweete Punkt, deem am Gesetz vun 2015 iwwert d'Radare geännert soll ginn, betrëfft d'Prozedur vun der Amende forfaitaire. Et gëtt Fäll, wou eng Persoun, déi en Avertissement taxé misst bezuelen, weeder bannent 45 Deeg nom Bescheed nach op de Rappellbrëif vum CSA reagéiert, also dësen Avertissement taxé net contestéiert huet, mee och net bezuelt huet. Am Fall, wou et eng Infraktioun ouni Punktverloscht betrëfft, gëtt dësen Avertissement taxé dann an eng Amende forfaitaire an duebeler Héicht vum Avertissement ëmgewandelt.

Am Artikel zu dëser Prozedur huele mir op Propos vun Staatsrot hin eng terminologesch Ännerung vir an ersetzen d'Expressioun „personne pécuniairement responsable“ duerch „personne redevable du paiement de l'avertissement taxé“.

Den drëtte Punkt, dee mir änneren, an am Fall, wou et an der CSU-..., an der CSA-Prozedur, pardon ...

(Hilarité)

Dat ass eppes aneres.

■ **Une voix**.- Eppes ganz aneres!

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Eppes ganz aneres, richtig, jo.

Also, am Fall, wou et an der CSA-Prozedur eng Contestatioun vum Avertissement taxé gëtt, proposéiert de virleiende Projet eng administrativ Vereinfachung opsäite vun der Police an der Justiz.

Fir en Avertissement taxé ze contestéieren an zum Beispill matzedeele, datt ee selwer guer net de Chauffeur vum geblëtzte Gefier war, gëtt et e spezielle Formulaire, deen ee muss ausfüllen, ënnerschreiwen a mat den eventuellen néidege Justificativen un de Centre national de traitement schécken.

Momentan ginn dës Contestatiounen an enger éischter Phas vun engem Agent oder Officier de police judiciaire op hir Komplettheet kontrolléiert. Wann en Dossier komplett an d'Contestatioun deemno recevabel ass, gëtt dee betreffenden Agent oder Offizéier den Dossier weider un de Procureur, deen da muss déi néideg Suitten decidéieren.

Ass den Dossier awer elo net komplett, gëtt weinst dem feelende Justificatif d'Dokument refuséiert, da muss de Mataarbechter doropshin e formelle Procès-verbal zu dëser Decisioun schreiwen a gëtt dann dee Procès-verbal virun un de Procureur.

Mat deem virleiende Projet gëtt d'Obligatioun vum Procès-verbal bei an der Form irrecevablen Dossieren ofgeschaaft. Dëst vereinfacht d'Prozedur an d'Charge de travail souwuel op der Säit vun der Police genee esou wéi um Parquet, deen net méi mat Procès-verballen zu Contestatiounen befaasst gëtt, déi souwisou irrecevabel sinn, well de Justificatif fir d'Behauptung respektiv fir de Motif vun der Contestatioun feelt.

Dann, e leschte Changement betrëfft d'Gesetz vum 14. Februar 1955 „concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques“ an d'Ausnamegeneemegungen a puncto Maximaldimensiounen a Maximalgewiicht vu Gefierer, déi den zoustänneg Minister an exceptionelle Fäll ka ginn. Bis elo goufen déi maximal zoulässeg Gréisst an d'Gewiicht vun engem Gewier ..., Gefier inklusiv senger Ladung fixéiert.

(Hilarité générale)

Dëse Projet ...

(Hilarité et interruption)

Jo, mee et ass näischt do, ...

■ **Une voix**.- Dir gitt jo net op d'Juegd!

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- ... näischt do.

Dëse Projet setzt elo nach de Chargement als separate Punkt derbäi an erlaabt deemno dem Minister,

bei esou Ausnamegeneemegunge kënnen kloer tëschent Gefier a Chargement ze ënnerscheeden.

D'Gesetz ass den 20. August 2020 deposéiert ginn. D'Chambre des Métiers huet e positiven Avis zum Gesetz ofginn. D'CNPD huet en Avis ofginn, deen an der Sëtzung vun der Kommissioun vun der Mobilitéit an den ëffentlechen Aarbechte vum 4. Februar 2021 analyséiert gouf. De Staatsrot huet en éischten Avis den 19. Dezember 2020 ofginn. Hei war eng Opposition formelle, déi awer no eisen Amendementer am Avis complémentaire vum 2. Februar konnt opgehewe ginn. An der Sëtzung vun der Kommissioun vum 4. Februar dëst Joer huet d'Kommissioun de Rapport ugehall. D'Piraten haten an dëser leschter Sëtzung zum Projet en Amendement eraginn, deen d'Kommissioun net iwwerholl huet.

Merci fir d'Nolauschteren. Ech gesinn, Dir waart ganz attentif, dofir e grouse Merci un lech. An ech ginn elo den Accord och vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Rapporteur, dem honorabelen Här Carlo Back.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi Rapport. E war ganz komplett.

Ech wëll direkt och soen, datt mer zu 100 % dee Projet de loi hei ënnerstëtzen, well e weider Mesuren aféiert, fir d'Verkéierssicherheit ze verstärken.

Ech wëll just gären déi eng oder déi aner Fro nach un de Minister stellen. Et gëtt jo elo ..., haaptsächlech wäert dat net Element och sinn, datt een an Zukunft och ka geknipst ginn, wann een duerch eng Rout Luucht fiert. Et gëtt jo elo emol dräi Pilotprojeten oder bei dräi éischte Kräizunge gëtt domadder ugefaangen: op der Stäreplaz, zu Hollerech an der Hollerecher Strooss an och um Schlammestee.

Wat sinn déi nächst Schrëtt? A wéi gitt Der do vir, fir déi Kräizung oder déi Rout Luucht ze definéieren, déi Geforepunkten, fir am Land och nach weider Radaren op de Roude Luuchten anzeféieren? Op wat stäipt Der lech do genee? Sinn dat Statistiken iwwert d'Accidenter oder d'Rapporte vun der Police oder d'Erfarung vun de Gemengen? Wéi maacht Der et, fir elo weider Geforepunkten ze detektéieren, wou dat Sënn mécht, fir déi Radaren anzeféieren? Nach eng aner Fro ass: Wéi maacht Der et, datt déi Radaren och wierklech am Kräizungsberäich all déi Geforepunkten, déi do bestinn, ofdecken?

An e lescht Element ass, well d'Fro, mengen ech, och gestallt gi war, ob een net och misst iergendwéi driwwer nodenken ze kucken, wa Leit während dem Fieren um Handy sinn, wéi dat an Zukunft kéint detektéiert respektiv sanktionéiert ginn.

Ech wollt déi do dräi Punkte mat op de Wee ginn an lech dann nach eng kéier soen, datt mer zu 100 % deen heite Projet de loi ënnerstëtzen an eisen Accord derzou ginn. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. E grouse Merci dem Rapporteur Carlo Back fir säin, jo, wéi gewinnt, ganz gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als DP sti mir natierlech voll a ganz hannert dësem Projet, well mer der Meinung sinn, dass mer hei eng Mesure ergäifen, fir d'Verkéierssicherheit ze verbessern, an dëst besonnesch fir déi schwächste Glidder am Verkéier, d'Foussgänger. An ech mengen, an där Hisiicht kann ee sécherlech net genuch maachen. All Blesséierten ass een ze vill!

Ech denken zum Beispill un d'Stäreplaz, wou et ëmmer nees zu brenzelege Situatiounen kënn, besonnesch elo an der däischerer Joreszäit. D'Gréngphase vun de Foussgänger an den Autoe sinn do relativ séier noeneen an et ass vill Traffick. D'Leit si gestresst an dann hutt Der effektiv verschidde Chauffeuren, déi léiwer nach eng kéier séier op de Gas trëppelen, wann et schonn hellrout ass, amPlaz stoen ze bleiwen, an da kënn et reegelméisseg vir, dass d'Foussgänger awer scho Gréng hunn, an et kann ee wierklech nëmme vu Gléck schwätzen, dass et do net nach méi oft zu schroen Accidenter kënn.

Här President, léif Kollegen, dat ass nëmmen ee Beispill. Där ginn et sécherlech nach ganz vill op ganz anere Plazen hei am Land. An do muss de Staat vun den technesche Méiglechkeete Gebrauch maachen, déi et hautdesdaags gëtt, fir esou Chauffeuren, déi d'Liewen an d'Gesondheet vun anere muttwëlleg op d'Spill setzen, och ze bestrofe respektiv fir en Ofschreckeffekt ze produzéieren.



Dëst gesot, léif Frënn, léif Kolleegeen, géif ech lech villmools Merci soe fir d’Nolauschteren an ech géif heimat den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An ech ginn d’Wuert weider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d’Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Merci, Här President. Säit elo bal fënnef Joer gehéieren d’Radaren zum Landschaftsbild laanscht eis Stroossen. Den éischten Dag, wou déi zéng éischt Radargeräter a Betrib geholl gi sinn, dat war de 16. Mäerz 2016, do si ronn 1.000 Chauffeure geblëtzt ginn, déi ze séier ënnerwee waren - 1.000 Chauffeuren um éischten Dag! An eleng dës Zuel dierft weisen, dass d’Opstelle vu Radargeräter net vu Muttwëll war.

Do kéint een elo awenden, dass déi 1.000 Chauffeuren dat deemools net matkritt hätten an dass déi Zuelen do duerno da ganz staark géifen abriecheen. Abee, dat ass net geschitt! An deene véier éischte Joer, also tëschent Mäerz 2016 an dem Januar 2020, si llicht iwwer eng Millioun Chauffeure geblëtzt ginn. Do muss een natierlech derzou soen, dass an der Tëschenzäit natierlech weider Radaren derbäikomm sinn.

Aus zéng fixe Radare sinn der mëttlerweil 24 ginn. An derzou kommen dann och nach mobill Radaren an dann nach déi sougenannte Chantiersradaren. Obwuel d’Plaze vun de fixe Radaren awer esou lues misste bekannt sinn, sinn 2020 awer nach insgesamt 141.000 Chauffeure vun hinne geblëtzt ginn, an dëst obwuel de Verkéier wéinst der Pandemie méi roueg war wéi an de Jore virdrun.

Dës Zuele weisen, dass et op eise Stroossen dach awer ee Vitessproblem gëtt, géint deen ee muss virgoen. Wie mengt, d’Radare wäen eem Impakt dës Radaren och tatsächlech op d’Verkéierssécurité hunn. Natierlech kann ee se a Relatioun brénge mat der Zuel vun de Verkéiersdoudegen, déi all Joer ze bekloe sinn. 2020 louch dës Zuel bei 26. Zum Verglich: 2013 war se nach bei 45, och wann een do ëmmer muss virsiichteg sinn, well mir et jo hei zu Lëtzebuerg awer nach mat klengen Zuelen ze dinn hunn, relativ klengen Zuelen, an ee gréisseren Accident leider duergoe kann, fir d’Statistike ganz séier an d’Luucht sprangen ze loosson.

Leider gëtt et awer menges Wëssens no keng Zuelen ausser déi vun deene Leit, déi eebe geblëtzt gi sinn, déi drop hiweisen, wéi eem Impakt dës Radaren och tatsächlech op d’Verkéierssécurité hunn. Natierlech kann ee se a Relatioun brénge mat der Zuel vun de Verkéiersdoudegen, déi all Joer ze bekloe sinn. 2020 louch dës Zuel bei 26. Zum Verglich: 2013 war se nach bei 45, och wann een do ëmmer muss virsiichteg sinn, well mir et jo hei zu Lëtzebuerg awer nach mat klengen Zuelen ze dinn hunn, relativ klengen Zuelen, an ee gréisseren Accident leider duergoe kann, fir d’Statistike ganz séier an d’Luucht sprangen ze loosson.

Mee trotz dëser Premiss kann een awer festhalen, dass d’Zuele vun de Verkéiersdoudegen an deene leschte Joren, mat Ausnam vun 2018, an der Moyenne ënner 30 louch. Wéi een Afloss d’Radaren dorop haten, ass natierlech elo schwéier ze soen. Ech fir mäin Deel sinn awer iwwerzeegt, dass se eng Roll spillen!

Vläicht wär et och ubruecht, an dat als Suggestioun vu menger Säit un lech, Här Minister, do vläicht méi eng detailléiert Etüd emol ze lancéieren, déi géif ënnersichen, wat elo dee wierklechen Impakt vun de Radaren op d’Accidenter ass - dat géif och warscheinlech hëllefen, hir Akzeptanz an der Populatioun ze steigern -, well sech hannert all dësen Zuelen, déi ech elo hei genannt hunn, jo ëmmer eenzel Schicksaler a Famillje verstoppen an et am Interêt vu jiddwerengem ass, dës esou staark ze reduzéiere wéi méiglech - Stéchuert „Vision Zéro“ vun der Sécurité routière.

Aus all dëse Grënn ass et natierlech ze begrëissen, dass mer elo eng Gesetzesvirlag hunn, déi fir weider Sécherheet am Verkéier wäert suergen. Wéi de Rapporteur et richtig gesot huet - an ech soen em natierlech e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport -, wéi de Rapporteur et schonn erkläert huet, gëtt mat dësem Text den automatesche Contrôle an och de Strofsystem vun de Radaren erweidert.

Aktuell ass et jo esou, dass d’Radare just ze héich Vitessen erkenne kënnen. An Zukunft kënnen d’Radaren insgesamt véier verschidde Strofverhalten erfaassen, aus deene sech dann d’Sanktiounen fir déi concernéiert Chauffeure wäerten erginn: ze héich Vitess, Netbeuechte vun der Rouder Luucht, Netanhale vun der Mindestdistanz zu engem anere Won an d’Fueren op enger Fuerbunn, déi fir en anert Fuermëttel reservéiert ass - esou sollt et sinn!

Aktuell ass et, zumindest laut mengem Wëssensstand - mee de Minister kann eis do herno vläicht méi soen -, nach net virgesinn, Radaren ze installéieren, déi déi zwou leschtgenannte Strofdote kontrolléiere wäerten. Dass dës zwee Kontrollmechanismen awer an dësem Gesetzesprojet virgesi sinn, weist och eng gewësse Viraussicht. Esou muss d’Gesetz spéider net nach emol ëmgeännert ginn, wann d’Radare vun der neier Generatioun installéiert solle ginn.

Wat haut awer schonn installéiert ass, si sougenannte Rout-Luucht-Radaren op der Stäreplaz hei an der Stad. A wann dëst Gesetz bis a Kraaft ass, wäert dësen neie Radar kontrolléieren, ob d’Chauffeuren och all, wéi et eigentlech sollt sinn, bei der Rouder Luucht stoe bleiwen. Dëst ass ëmsou méi sënnavoll op dëser Plaz, well jo och bekanntlech do den Tram firt.

An deem Zesummenhang hunn ech mat Interêt an engem Zeitungsinterview vum 6. Januar gelies, deen den Här Minister jo ufangs des Joers ginn huet, dass d’Testphas vun deem Radar schonn amgaangen ass. Et huet mech awer och erfëiert, dass an engem eenzegem Dag direkt Honnerte vun Automobiliste geblëtzt gi sinn. Deemno schéngt eis jo do en änleche Phenomeen ze erwaarde wéi dee vum 16. Mäerz 2016, wéi déi éischt Radaren installéiert gi sinn.

Dat weist alt dorobber hin, dass sech op eise Stroossen net un elementar Verhalens- oder Verkéiersreegele gehale gëtt, well wien a Kaf hält, eng Rout Luucht ze iwwersinn, hält och a Kaf, e Foussgänger unzestoussen a liewensgefëierlech ze verletzten.

Dofir si mir als LSAP fir déi sougenannt intelligent Radaren, déi hëllefen, Mënscheliwen ze schützen.

E weideren esou e Rout-Luucht-Radar ass jo schonn zu Hollerech virgesinn. A ganz besonnesch frou sinn ech awer och, dass esou e Rout-Luucht-Radar um Schlammestee virgesinn ass, an enger Gemeng, déi ech jo besonnesch gutt kennen. Ech hoffe staark, dass deen derzou bäidréit, d’Gefor, déi vun där Kräizung ausgeet, dach ze reduzéieren. Et ass eng Kräizung, déi geséichert ginn ass mat Roude Luuchten, eng Fuerderung, déi laang Jore vun der Gemeng an Aussicht gestallt gi war. Dat funktionéiert mëttlerweil exzellent, mee et ass net ausdenken, wann een, deen eng Rout Luucht do iwwersäit, wierklech do e grousst Accident ka verursaachen ... An dofir merci, dass de Schlammestee och als Emplacement hei virgesinn ass.

Wat den Dateschutz ugeet, do hu mer och laang an der Kommissioun driwwer diskutéiert, well wie „Radard“ seet, seet net nëmme „Verkéierssécurité“, mee och „Dateschutz“. An ech wollt och hei op den Avis vun der nationalen Dateschutzkommissioun opmierksam maachen, déi sech an deem Domän vill Gedanke gemaach huet a sech zum Thema autosaiséiert huet. Si huet jo ënner anerem d’Fro opgeworf, wat mat eventuelle Persounen wär, déi och op de Biller vun de Radargeräter erfaasst ginn, well se grad zoufällg dee Moment do laanscht ginn, wou e Chauffeur geblëtzt gëtt, oder well se Passagéier am Auto sinn.

Op dës Froe krute mer an der Mobilitéitskommissioun fir mech emol zefriddestellend Äntwerten. Engersäits muss ee jo wëssen, dass vun hanne geblëtzt gëtt an deemno d’Gesicht vun Passagéier net wäert ze erkenne sinn. An anerersäits ass et jo och esou, wann aner Leit drop sinn, zum Beispill Foussgänger oder e Polizist oder soss Leit, déi eigentlech näischt mat der Strofdote ze dinn hunn, dass do dee Beamten, deen dozou befäegt ass, manuell all Persoun ausser dem Chauffeur op der Foto schwärze kann - dëst fir de Fall, wou e Chauffeur, dee geblëtzt ginn ass, seng Foto wëllt kucke kommen.

D’Fro, déi sech méi allgemeng bei Kontrollmechanisme wéi hei eebe bei de Radargeräter stellt, ass ëmmer, a wéi engem Verhältnis ze zu den individuellen Fräiheete stinn. An hei si mir als LSAP ganz kloer der Meenung, dass de Gewënn u Sécherheet, dee sech wäert erginn, dätlech iwwerweit.

Dat bedeit awer net, dass mir elo wëllen op all Kräizung esou e Rout-Luucht-Radar installéiere loosson. Esou wéi mir et 2018 an eisem Walprogramm geschriwwen haten, sollten d’Radargeräter wierklech do opgestallt ginn, wou se hëllefen, Accidenter ze vermeiden.

An deem Sënn sinn ech dann och frou, vu menger Fraktioun kënnen den Accord fir dës Gesetzesprojet ze ginn. A merci fir d’Opmierksamkeit!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech hat, wéi mer de Gesetzesprojet zu der Installatioun vun de Radare virun enger Partie Jore gestëmmt haten, wéi mer nach eng Diskusioun doropshin haten, nach e Protokollerausgeholl, well ech dat wollt testen a well ech och wollt matdeelen, datt, och wann ee selwer bestrooft ka ginn, een trotzdem kann dofir sinn, wat mäi Fall ass.

An der Tëschenzäit hunn ech mech e bësse besser geschéckt. Et huet och vläicht mam Covid ze dinn, well ech manner fueren. Mee esou e Rowdy sinn ech och net. Mee op jidde Fall mengen ech, datt mer prinzipiell als Lénk souwiso der Meenung sinn, datt et op der Strooss keng richtig Kavaléiersdelikter gëtt - och wann ee selwer heiansdo Kava-

léiersdelikter mécht, et ass ee jo net perfekt. Et gëtt der, déi natierlech eendeiteg méi schlëmm si wéi anerer.

D’Stäreplaz ass genannt ginn. Dat ass eng Plaz, déi ech och relativ gutt kennen, well et dee Wee ass, dee mech oft heemféiert. A viru 15 Joer ongeféier, do wier et och eng Kéier bal ganz séier gaangen. Ech sinn duerch Gréng gefuer an du ass tatsächlech ee mat 80, 90 viru menger Nues gefuer, also et ass ëm eng Sekonn gaangen. Ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren. Do gëtt et engem ellen. Wann dee mech ze pake kritt hätt, da géif ech vläicht guer net hei stoen. Also, ech mengen, et ass ville Leit esou gaangen. Et ass wierklech eng vun deene Plazen, wou een ni streng genuch ka sinn.

Dat heescht, prinzipiell si mir och da fir déi Radaren a mir sinn och der Meenung, datt dat zur Sécherheet op gewësse Plazen op jidde Fall wäert bäidroen.

Bon, mir kommen awer net derlaanscht, eis e puer Froen ze stellen. Wou ech nach ëmmer en Doute hunn, well ëmmerhin huet d’Commission nationale pour la protection des données awer e relativ laangen Avis ofginn ... Si hu sech och autosaiséiert, wat och schonn e bësse problematesch ass. Am Prinzip hätt ee se solle saiséieren. Mee bon, et kënt jo op dat nämmlech Resultat eraus a si hunn awer eng Partie Froen opgeworf.

D’Madamm Hemmen ass och drop agaangen, datt Beamten och kënnen habilitéiert sinn, fir Pietonen, déi wierklech näischt domadder ze dinn hunn, kënnen ze maskéieren. Ech sinn net Member vun der Kommissioun, mee et ass mer nach ëmmer net esou kloer, ob dat en Automatismus ass oder net. An ech mengen awer, och wann et immens néideg ass, datt mer déi installéieren, an och, justement, wann dat och Liewe ka retten, kann dat awer trotzdem mat enger méi systematescher Protektioun vun Privatlewe vereinbar sinn. An do stelle mir eis weiderhin d’Fro, ob et awer net méiglech ass ... Mee vläicht kréie mer och nach erëm eng Kéier eng Äntwert vun Transportminister dorobber. Ech gi jo dovunner aus, datt mer eng Äntwert dorobber kréien, ob dat net méi automatesch ka goen. Well mir ass dat nach ëmmer net ganz kloer.

Och d’Fro vun der Informatioun, datt déi Radaren do sinn ... A mengen Aen ass et och méi problematesch, justement net onbedéngt fir d’Fuerer, mee haaptsächlech fir d’Pietonen, déi do an der Géigend sinn an déi dann net onbedéngt wëssen, datt se kéinte matgeblëtzt ginn. A wou et net sécher ass, datt de Masquage automatesch ass, sollten se wéinstens wëssen, datt et do eng Plaz gëtt, wou se kéinte matgeblëtzt ginn. Ech mengen, dat wier e Minimum, datt een déi Informatioun gëtt.

Dat heescht an deem Fall ... Mir kënnen och op d’Äntwerte vun Transportminister lauschteren. Mir haten d’Tendenz, eis aus deenen Iwwerleungen eraus éischter ze enthalen, quitte datt mer de Prinzip natierlech voll a ganz ënnerstëtzen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen lech elo mat op eng Rees duerch den Dateschutz. An den eenzelne Punkte leeën ech lech oppen, wou de Feeler an dësem Gesetz ass. An ech wäert lech zwou Motiounen deposéieren, fir den Dateschutz esou wéi d’Sécherheet am Verkéier ze stäerken.

Fir d’éischt soen ech emol ganz kloer: Mir Pirate sti fir méi Sécherheet am Stroosseverkéier. Jo, mir fanne souguer Radare sympathesch, awer just, wann se dateschutzsicher sinn. Wat mir awer och zousätzlech soen: Et sinn nei technesch Méiglechkeeten an den Autoen, déi kënnen fir méi Sécherheet suergen, vun Tempoerkennung bis hin zu automateschem Bremse fir Foussgänger. Dat ass och eise Wee fir méi Sécherheet am Stroosseverkéier, fir manner Accidenter.

Wat eis Positioun ënnerscheet vun der Regierungsposition, ass, dass mir beim Opstelle vun de Radaren un den Dateschutz denken, also e Gläichgewicht halen, virun allem fir dee Groussdeel vun de Leit, déi sech näischt zu Schold komme gelooss hunn.

Mir Piraten sinn der Iwwerzeugung, dass just wie sech eppes zu Schold komme gelooss huet, also géint d’Gesetz verstouss huet, soll vun enger Technik, déi vun Staat agesat gëtt, erfaasst ginn, an net déi Bierger, déi sech brav un d’Gesetz halen.

An den nächsten zéng Minutte wäert ech lech genau erklären, wat eis als Digitalpartei wichteg ass a wéiso den aktuelle Projet an eisen Ae falsch Usätz geholl huet.

Allgemeng fanne mir Piraten, dass déi flexibel Radaren, also déi, wou zënter Joerzénge de Polizist mat der Pistoul op verschiddene Plaze steet a wou d’Leit, déi géint d’Gesetz verstoussen,erausgefëscht ginn, nach ëmmer déi bescht Léisung sinn.

Esou kann een net nëmme Geschwindegkeetsproblemer opfänken, mee och nach kontrolléieren, ob Persounen ze vill gedronk hunn oder d’Pabeieren net an der Rei sinn. Et sinn och esou Kontrollen, déi misste verstärkt gi fir méi Sécherheet op eise Stroossen, och well déi net ëmmer op de selwechte Plaze sinn a soumat net bekannt sinn.

Hei am Land komme bekanntlech verschidde Radaren zum Asaz. An haut stëmmt Dir fir den Ausbau vun dësen Iwwerwaachungstechniken.

Fänke mir mam traditionelle Radar un, dem Tuerm, dee meeschtens op de Landstroossen an den Uertschafte steet. Dee Modell ass fir eis u sech nach ganz ok. Et ginn e puer kleng Kritikpunkten, wéi och d’CNPD opgeworf huet, zum Beispill de Punkt, dass een, egal wou ee geblëtzt gouf, muss op Bartreng fueren, fir seng Foto kënnen ze gesinn. Déi Rees op Bartreng ass sécherlech eng flott, dat wäert den honorabele Frank Colabianchi sécherlech bestätegen. Ma Spaass beisäit, et misst am digitalen Zäitalter méiglech sinn, grad ënner engem grénge Minister, dee fir d’Ëmwelt an op spuersame Ressourcëverbrauch steet, fir Fotoen digital per Token um myguichet.lu vun doheem aus ze kucken.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- D’CNPD schreift ganz kloer: « de se déplacer au centre se trouvant à Bertrange constitue un obstacle injustifié au droit d’accès de cette personne ». D’CNPD erkläert och weider, dass hei de Staat selwer géint d’Dateschutzgesetz vum 1. August 2018 verstéisst, an dat op enger ganzer Säit am Avis. Ëmmerhi ginn déi Fotoe gemaach, fir d’Rechter vun de Bierger ze stäerken, fir Feeler ze vermeiden.

Leider ass de Minister trotz eise Remarken an der Kommissioun net bereet, och do eppes ze verbessern. An de Bierger muss kënnen déi Rechter wouerhuelen, well wéi elo ganz rezent an engem Urteel erauskomm ass, huet de Radar falsch gemooss. Dat wollt de Staat awer net gëlle loosson an et war alt nees um Gericht ze entscheiden.

Et kann net sinn, dass e Bierger et schwéier gemaach kritt, sech fir seng Rechter anzusetzen. D’Fro stellt sech allgemeng, wéi oft mat deem Typ Radar scho falsch Protokollen ausgestallt goufen, well net jidderee klot viru Gericht. Dat ass och e politesche Choix vum Minister, dass déi Toleranzgrenz esou déif gesat ass. Am Ausland ass déi och alt méi héich ugesat, fir Feeler ze vermeiden.

Dann zum aneren Typ Radar, deen u sech e Modell ass, dee keng Partei, déi och nëmmen dat Wuert „Dateschutz“ emol am Programm huet, haut stëmmen dierf, dat ass den ëmstriddene vun der „Section Control“, eng Iwwerwaachungsanlag am öffentleche Raum.

Eis piratesch Kolleegeen an Däitschland an am Europaparlament hunn och ewell all do géint déi Tracingpraktike vun deene Radare geklot a Recht kritt, esou wéi aner Bierger quer duerch Europa. E puer Aussoen aus der Press: „Das ist ein Sieg für das Recht auf informationelle Selbstbestimmung“, „Verdecktes Erfassen von Autokennzeichen ist verfassungswidrig“, „Alle vorbeifahrenden Autos werden gescannt“, „Eine solche Maßnahme ist als solche Freiheitsbeeinträchtigung“. „Section Control“ kléngt vläicht am Marketing net schlecht, wann ee sech déi Reklamhefter vun Hiersteller ukuckt, mee ech erklären lech kuerz, wéiso mir Piraten mat dëse Kontrollpunktradaren esou e grouse Problem hunn.

De Section-control-Radar fonctionéiert esou: Een Apparat steet um Punkt A. Deen erfaasst all Bierger, egal ob ze schnell oder net, egal ob onschëlleg oder net. An der Pub steet de Rechtsverstouss dann esou: „Bei Ein- und Ausfahrten werden die Daten aller Fahrzeuge erfasst, und zwar unabhängig von ihrer Geschwindigkeit.“ An elo misste jo awer bei all seriöem Jurist schonn déi éischt Alarmklacke lauden.

Mee bon, mir hunn och nach ëmmer eng General-Iwwerwaachung mat enger Vorratsdatenspäicherung hei am Land - a sech och e Skandal ënner grénge Féierung.

Zréck zur „Section Control“: Um Punkt B erfaasst dann deen nächsten Apparat vun der „Section Control“ e puer Kilometer nom Punkt A - Dir wësst jo, Dir gouft do geknipst - erëm all Autofuerer; en ass schonn zweemol erfaasst. Dat Ganzt kann ee laut Hiersteller dann nach ausbauen op dräi, op souguer onbegrenzt Punkten - also eng landeswäit Iwwerwaachung. An do ass de Knackpunkt am Recht vun Bierger, dee sech näischt zu Schold komme gelooss huet. Seng Rechter gi mat Féiss getrëppelt, well de Staat erfaasst an enger Strooss systematesch all Auto, deen do firt, ob ee sech eppes zu Schold komme gelooss huet oder net. Dat ass an eisem Verständnis vum Dateschutz e Skandal an e Verstouss géint all Biergerrecht!

De Minister hat eis an enger parlamentarescher Fro confirméiert, dass um Punkt A vun der „Section Control“ Date gespäichert ginn, fir mat weidere Punkten, also Minutten duerno, verglach ze ginn.



D'CNPD werft, wéi mir Piraten och schonn esou oft, déi Fro op, wisou am Règlement grand-ducal fir de Fichier „Radar“ net kloer steet, wa keng Infraktioun stattfonnt huet, dass déi Daten direkt musse gelöscht ginn.

E weidere Problem, deen och d'CNPD nach eng kéier opgeworf huet, ass, wéisou hei am Gesetz keen Delai agesat ginn ass, wéi laang déi vun all Radaren erhuwen Daten dierfe gespeichert ginn. Mir si mat deem Gesetz, dat Dir haut hei stëmmt, an enger Situatioun, wou systematesch all Autofuerer erfaasst gëtt, wou automatesch zu all Zäitpunkt Date gespeichert ginn: Plackenummer, Foto, Auerzäit, Datum an esou weider.

Praktesch an informatesch gesi stelle sech do awer ganz vill Froen, well déi Daten, déi eemol erfaasst sinn, déi sinn am System. An et kann ee se jo ëmmer erëmfannen, souguer nom Läschen. An dat misst grad en Ex-Policeminister wëssen, well wéi oft grad eng Police op vermeintlech geläschten Donnéeën zrëckgräift ... Well wie mengt, eng E-Mail, Radardaten oder Fotoe wäre fir ëmmer gelöscht, wann een „delete“ dréckt, deen huet vun Informatik näischt verstanen.

An enger parlamentarescher Fro huet de Minister eis och geäntwert, wéi eng Radaren an den Asaz kommen a wéi déi Technik heescht, ma mir hunn eis déi ugekuckt. A grad déi Apparater - haalt lech un! - goufe vun der Firma fir eng Maut ugebueden, also d'systematescht Erfaasse vun Autoen oder Camionen op der Strooss mat Ofgläich op Serveren. An do si mer bei enger weiderer Gefor. Ee Knäppchen an der Software, vläicht och net gewollt, a schonn hu mir all Autofuerer am Radarfichier erfaasst, deen ënnerwee ass. Resultat: eng systematesch Iwwerwaachung vun eise Bierger. An do soe mir als Dateschutzpartei kloer Nee!

Dofir e kloeren Nee zu Radare mat „Section Control“. Mir wëllen net eng systematesch Erfaassung vun eise Bierger!

Iwwregens verhënnert eng „Section Control“ net emol, dass een ze schnell fiert. Si verfeelt also hiert Zil, well tëscht de Punkte kann ee ganz wuel iwwert déi erlaabte Geschwindegkeet gefuer sinn an duerno lues maachen. Also Accidenter sinn net wierklech verhënnert, wann een nach ëmmer ka Gas ginn, ouni vum Radar erwëscht ze ginn.

Ech kommen dann nach op deen drëtten Typ Radar, deen dobausse gutt klängt, mee an eisen Ae schlecht ëmgesat ass. Et ass dee Radar, dee blëtzt, wann een iwwer eng Rout Luucht fiert. Jo, deen ass eis Piraten ganz sympathesch. A mir wären och dofir gewiescht, wär de Radar esou ëmgesat ginn, dass en dem Dateschutz entsprécht.

Fir d'éischt emol eis Motioun: direkt am Auto fir d'Sécherheet ze suergen, andeems een e Subsid beim Autokaf gëtt fir méi Sécherheet fir Assistenzsystemer, déi automatesch bremsen, well dat bréngt méi wéi op eenzelne Roude Luuchten herno e Radar ze setzen, wann de Passant iwwersi gëtt. Dat wär eng richtig Sécherheet fir an all Auto. A fir eis Piraten ass et e Muss, genau esou wéi e Sécherheetsgurt, Airbag oder ABS.

Zum Radar selwer: Zwee Punkte stéieren eis un dësem Radar.

Punkt 1: De Radar hält bei enger Strofdot just eng Foto vun hannen. Et ass also just den Auto ze erkennen a mat Chance vläicht eng kleng Kontur. Dat bréngt an eisen Aen eng Rei Risike mat sech, wann ee bedenkt, wiwill Firmenautoen hei am Land ënnerwee sinn, wou dann oft onkloer ass, wie gefuer ass. Dat ka souguer zu Situatiounen féieren, wou Leit, déi sech et leeschte kënnen, anerer bezuelen, fir hir Punkten ze schounen. Aus dësem Grond hate mir en Amendement eragereecht, fir dass parallel zur Foto vun hannen och eng vu vir soll geschoss ginn, fir eeben am Zweifelsfall dem Fuerer seng Rechter kënnen anzekloen. D'Majoritéitsparteien hu se leider ofgeleent.

Punkt 2: Wat eis bei dësem Radar stéiert, ass de Punkt, deen och alt nees d'CNPD opgeworf huet. Dee Punkt ass, dass jiddereen, deen ze Fouss ënnerwee ass, och op der Foto wäert ze gesi sinn. Stellt lech also vir, Dir gitt relax mat Ärer Famill spadséieren an da gitt Der matgeknipst, Dir kommt op eng Foto, déi op de Servere vum Staat lant an an engem Radarfichier. Do ass also e Fichier beim Staat herno mat Dausende Fotoen, déi net anonymiséiert sinn, mee op deenen Dausende Leit fräi ze gesi sinn, déi kee Feeler gemaach hunn, sech näischt zu Schold komme gelooss hunn. déi gréng schafen also hei e ganz bedenkleche Fichier u Fotoe mat Dausenden onschëllege Bierger. An och dat widderstpricht all Gedanke vum Dateschutz.

Als Pirat hunn ech och déi Fro an der Kommissioun opgeworf. Ma d'Reaktioun vum d'Majoritéitsparteien ass: Hei wäert net anonymiséiert ginn, well een net weess, ob d'Technik dat kann - sou, fäerdeg! Dat ass erschreckend, wéi Biergerrechter mat Féiss getrëppelt ginn, well een net weess, ob d'Technik et kann. Also huet de Minister eng falsch a schlecht Ausschreiwung gemaach an duerno déi Gesetzter mat Grundwäerter entscheet. Dat baséiert

op technesche Méiglechkeete vun engem Fournisseur vun enger schlechter Ausschreiwung. Majo, wann dat de Standard bei deene Gréngen ass vum Dateschutz, dann äddi!

Dofir hei eis Motioun, dass am Fichier ronderëm de Radar all Foto muss anonymiséiert ginn, ier se op de Server verschéckt gëtt, an dass net iergendeng kéier eng Persoun se eraussicht a vläicht anonymiséiert, well Dir hutt Dausende vu Fotoen herno do leie mat Leit, déi sech näischt zu Schold komme gelooss hunn.

Gutt, dass et nach eng Partei gëtt, déi och den Dateschutz versteet, an dat si mir Piraten.

■ **Une voix.**- Halleluja!

(*Brouhaha*)

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- Dofir wäerte mir weinst de genannte Punkten, ...

■ **Une voix.**- Hie muss och alt selwer laachen.

(*Interruptions*)

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- ... déi kloer géint den Dateschutz a Biergerrechter schwätzen, géint dëst schlecht ausgeschaffte Gesetz stëmmen.

(*Interruption*)

Ma wat géift Der ouni Piraten maachen? Dann hält keen lech haut gezielt, wat de Problem mam Dateschutz ass, Här Graas.

(*Interruption*)

Wann dat net vill Neies fir d'DP ass, da weess ech net, wéi d'DP den Dateschutz seriö hält.

Mir Piraten bleiwen der Meenung, dass dëst Gesetz géint d'Verfassung souwéi europäesch Grondrechter verstéisst.

Motion 1

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- *Am Alldag geschéien am Stroosseverkéier eng sëllege Feeler, déi vu mënschlecher Originn sinn, ewéi zum Beispill ee Mangel u Konzentratioun, Middegkeet, Oflenkung, lues Reflexer usw.*

- *Modern Sécherheetsequipementer an Autoe kënnen Accidenter verhënnere, déi duerch mënschlecht Handeln eleng net ze verhënnere wieren.*

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung,

- *modern Sécherheitstechnik beim Kaf vun engem Neiwon nat enger Subventioun ze ënnerstëtzen an dat ënnert de folgende Konditiounen: Fir Autoe bis zu engem Kafpräis vu 40.000 € soll de Montant vun dëser Subventioun maximal 1.000 € bedroen, fir Autoe mat engem Kafpräis ab 40.000 € soll d'Bäihëllef maximal 250 € bedroen.*

(s.) Marc Goergen.

Motion 2

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- *Ugesichts vum Avis vun der CNPD an notamment dem zweete Punkt « Quant aux images prises par les radars feux rouges », wou d'CNPD schreift: « La CNPD estime dès lors nécessaire de masquer automatiquement les images des piétons et de toute personne autre que le conducteur, qui n'auraient aucun lien avec l'infraction », an: « Elle estime également nécessaire d'envisager un masquage automatique des personnes physiques aux abords des routes qui sont prises lors de la capture d'image, et un masquage temporaire des passagers du véhicule afin que ces derniers puissent être à nouveau rendus visibles à l'occasion d'une éventuelle procédure judiciaire. »*

Aus dësem Grond invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung,

- *d'Recommandatiounen vun der CNPD ze respektéieren an ëmzesetzen, éier dës Zort Radaren a Betrib geet.*

(s.) Marc Goergen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*):- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*:- Merci, Här President. Loosse mer erëm zrëck op de Buedem effektiv vun der Verfassung kommen a virun allem vun der Realitéit an dann zu deem schwätzen, wat an deem Text hei steet.

Ech mengen, et ass scho gesot gi vu verschiddene Virriedner: Déi ganz Radarinstallatiounen, dat ass en Deel vum Aktionsplang Stroossesécherheet, en Aktionsplang, deen an där Form an och duerch dat, wat mer maachen, inklusiv haut, net eleng vun der Regierung ausgeschafft ginn ass, mee wou e ganze Koup ONGen, Associatiounen aus der Zivilgesellschaft mat do um Dësch sëtzen, wou an deem Aktionskomitee och d'Justice drasëtzt, dat

heescht, eng ganz breet Palett vu Leit, d'Police ... An den Haaptobjektiv vun de Radaren ass - esou wéi mer et och gesot hunn, wéi mer deen éischten ageféiert hunn -, fir Liewen ze retten.

An d'Madamm Hemmen huet virdu gefrot, ob et scho Statistike gëtt oder Detailanalyse gëtt. Mir hunn op alle Fall eng kloer Analys an dat ass natierlech d'Resultat vun deem gesamten Aktionsplang, dee mer gemaach hunn, vun deene leschte Joren. Wann een d'Zuele kuckt, wann ech elo zum Beispill déi Doudeg eraushuelen zwëschent 2013 an haut: Ech hunn 2013 am Dezember ugefaangen als zoustännige Minister an ech hunn 2014 déi éischt Zuele misste virstelle vum Joer 2013. An do war ech erfieert, do ware mer nach bei 46 Doudegen.

Mir hunn am Fong d'Doudeszuelen entre-temps mindestens schonn ee Joer halbéiert kritt, ëm 50 % reduzéiert kritt. Wann Der iwwert déi lescht véier Joer kuckt, do waren effektiv dräi Joer dobäi, wou mer ënner 30 komm sinn. A wann een d'Moyenne kuckt, da kann ee soen, dass mer iwwert déi lescht siwe Joer d'Doudeszuelen ëm 40 % reduzéiert hunn. An do ass kloer den Objektiv, Liewen ze retten, do gesäit een, wéi reell dat gëtt a wiwill Liewen ee gerett kritt, wann een de politesche Courage huet, och esou Decisiounen wéi déi hei ze huelen.

An och wann et deemools an, wéi mer och elo grad erlieft hunn, och nach haut staark contestéiert ass, dass et esou Methoden, esou Méiglechkeete wéi dat hei gëtt, fir fir d'Verkéiserssécherheet ze suergen, da wëll ech lech awer soen: Mir haten eng Etüd gemaach viru fënnf Joer, eng breet Émfro, an do ass erauskomm, dass iwwer 70 % vun de Leit dee Wee hei gutt fannen a richtig fannen an deen och matdroen. Dat heescht, eng ganz, ganz grouss Majoritéit fënnit déi Approche richtig, dass dat heite gemaach gëtt. An do war deemools esouguer nëmmen prezis iwwert d'Radaren gefrot ginn, well dat jo dann ëmmer behaupt ginn ass, dass wär esou ëmstridden an der Bevëlkerung.

A wéi gesot, op där enger Säit hu mer d'real Resultater vun de Verkéisersdoudegen, déi mer reduzéiert kritt hunn, a mir hunn eng Rei Enquête gemaach, déi dat och beleeeën. An d'Zuelen insgesamt, wéi gesot, schwätzen do derfir.

Also et ass eng grouss Akzeptanz do an et ass eebe wéi ëmmer, wann ee Saache mécht, et héiert ee virun allem déi, déi onzefridde sinn oder déi mengen, si missten onzefridde sinn. An déi, déi zefridde sinn, jo, déi manifestéiere sech net ëmmer esou. Et muss ee just duerfir ëmmer oppassen als Politiker, dass ee keng falsch Aschätzung mécht, dass een aus verschiddenaartege Grënn ..., dass een net allméiglech abstrus Grënn fënnit, fir e Gesetzesprojet net onbedéngt ze stëmmen, well ee vläicht mengt, dass wär elo grad populär. A wann een da géint déi heite Saachen ass, da mécht ee wierklech ganz kloer eng Feekalkulatioun, well, wéi gesot, déi, déi dat richtig fannen, sech oft net ëmmer esou lautstaark zu Wuert mellen.

Den Här Wilmes huet mech gefrot, op Basis vu wéi enger Analys dass dat heite gemaach gi wär, dass d'Plaze géifen erausgesicht ginn. Mir hunn e Groupe de travail, dee bei de Radare wéi en général bei de Mesuren, déi mer huelen, sech këmmert ëm, wat mer nennen, d'Accidentologie op de Stroossen, op de Kräizungen oder op normale Stroossen. An deem Groupe de travail sëtzen natierlech d'Stroossebauverwaltung, d'Police, mee awer och d'Sécurité routière, also allméiglech Acteure sëtzen do dobäi. An da gëtt gekuckt: Wou sinn déi meeschten Accidenter? Wat fir eng Configuratiounen hu mer op deene Stroossen, op deene Kräizunge wéi elo hei? A wat kann dann dozou féieren, dass et do Accidenter gëtt? A wat kënnen mer maachen, fir dass ze verbesseren?

Dat kënnen baulech Mesurë sinn - d'Configuratioun ze änneren vun enger Strooss oder wat och ëmmer, mee et kënnen dann och eeben esou Saache si wéi d'Radaren. An hei ass dat de Fall. An ech mengen, Dir wësst et och an Dir hutt et jo och gesot, Dir fannt dat jo och selwer eng gutt Saach, well d'Stäreplaz, déi dote Kräizung, ganz besonnesch problematesch ass. Do waren och schonn an der Vergaangenheet extreem schlëmm Accidenter mat Doudegen, wou Foussgänger um Trottoir zu Doud gerannt gi si vun engem, dee gemengt huet, e misst nach séier op de Gas drécken, wéi e vun uewe koom, well d'Luucht vläicht grad nach orange ginn ass, an da knallhaart duerch Rout gefuer ass an et do zu Accidenter komm ass.

An den Här Wagner huet eis jo och nach eng eegen Erfahrung hei matgedeelt. Ech kennen déi Kräizung selwer och gutt an hunn där Situatiounen do och schonn oft selwer erlieft. An natierlech duerch de Fait, dass och elo nach den Tram als zousätzlecht Verkéisersmëttel derbäikomm ass an d'Kräizung fir den Tram och oniwwersiichtlech ass, ass et ëmsou méi wichteg, dass jiddweree sech dorunner hält. Duerfir ass déi dote Kräizung als Éischterausgesicht ginn. Hollerech ass eng aner Plaz an der Stad, wou och scho vill schlëmm Accidenter waren, oder de Schlammeestee och.

A mir wäerten natierlech elo en fonction dovunner kucken, an där nämmlecher Philosophie, wou et am Land nach Plaze gëtt. Mir sinn och dankbar, wa Gemengen eis drop opmierksam maachen innerorts, wou se mengen, dass esou eng Plaz kéint sinn. Da wëlle mer dat selbstverständlech och präiwen an, firwat net, dann eventuell do esou e Radar setzen.

An, wéi d'Madamm Hemmen et gesot huet, d'Zil ass hei net, fir elo op all Kräizung där Luuchteradaren ze setzen, mee mir wëlle se do setzen, wou wierklech e grëssere Problem ka sinn.

Den Här Wilmes huet mech och gefrot, firwat een net kéint zum Beispill aner Vergeee wéi den Handy an esou weider ..., déi och festgestallt gi beim Chauffeur, wann d'Foto geholl gëtt an en en infraction ass, dass da géif gesot ginn: Mir kucken net nëmmen dat, wat gemooss gëtt, wéi elo hei d'Luucht oder d'Vitess - déi gëtt jo reell gemooss -, mee och dat, wat ech nach feststellen zum Beispill op der Foto. Ech wëll drop hiweisen, dass mer dat maache wollten am éischte Gesetz deemools an och op kloer Demande hi vum Parquet, deen en Avis dozou gemaach hat, deen en faveur dovu war, deen éischter souguer gesot huet, si géifen et richtig fannen, dass ze maachen, an dass de Staatsrot eis eng Opposition formelle du gemaach huet. Dunn hu mer dat erëm missen eraushuelen, well de Staatsrot gesot huet: „Nee, dass geet net, Dir kënnt nëmme Saache sanktionéieren, déi Der moossbar festgestallt hutt, awer net zum Beispill“ - et hätt een och kënnen de Sécherheetsgurt nach dranhuelen oder wat weess ech - „esou Saachen, déi Der op der Foto feststellt!“

Bon, dass ass de Grond, firwat mer dass net dran hunn. An technologesch gesinn, wéi gesot, gëtt et elo net vill aner Méiglechkeete mam Handy, ausser wierklech visuellt, dass d'Police Kontrolle mécht, wat se iwwregens och ëmmer méi verstärkt mécht.

Dann zu den Avertissement-taxéen. Et ass esou, ech erwaarde mer elo net onbedéngt hei ..., mir hu jo deen ... Ech hat gesot, an deem Test wäeren erschreckenderweis schonn Honnerten Infraktiounen an engem Dag festgestallt ginn. Ech erwaarde mer awer elo net, dass dat och de Fall ass, also ech hoffen et och net, wann et elo bis aktiv fonctionéiert.

Ech muss och soen, mir haten änlech Feststellungen gemaach beim Secteursradar deemools, wéi mer dee bis getest hunn. Et huet sech awer erausgestallt, dass de Secteursradar wierklech am Verhältnis zu de fixe Radare vill, vill manner Vergeee feststellt an och sanktionéiert. Et gëtt der natierlech och do evidenterweis, mee dass huet domat ze dinn, an dass huet d'Police och nach zousätzlech kontrolléiert, dass natierlech an där Sektoun d'Vitess einfach agehalt gëtt, well natierlech dass fir de Chauffeur eng ganz aner Roll spillt, well en dat weess, dass op där ganzer Streck eeben déi Moyenne do gemooss gëtt, an e sech och doduerjer dran hält.

An dass huet och op där do Plaz dozou geféiert ... Dass war e Streckenofschnëtt, wou och enorm vill ganz schwéier Accidenter mat Doudege waren, an zënter dass dat fonctionéiert, hate mer do keen Accident méi. Bon, ech wëll net behaupten, mir géifen ni méi ee kréien, mee mir stellen awer fest, dass dat doten eng weesentlech Verbesserung bruecht huet duerch dee Secteursradar do op där Plaz.

Dann ass et och esou, dass den Här Wagner sech eng Rei Froe gestallt huet, déi natierlech berechtigt sinn, iwwert den Dateschutz, a virun allem déi, déi am Avis drasti vun der CNPD. Et ass esou, dass d'CNPD an hirem Avis hei eigentlech näischt grondsätzlichlech Neies gesot huet. Et muss ee kucken, wann Der deen éischten Avis liest, dee mir jo selwer gefrot haten deemools, do hu se schonn änlech Saachen, fir net ze soe bal déi nämmlechte Saachen, mat Ausnam hei vun enger Fro, ech kommen nach op déi, zum spezifesch Rout-Luuchte-Radar hei opgeworf. Mee, wéi gesot, et ass näischt wierklech fundamental Neies.

Et ass och elo näischt, wat awer wierklech, wéi soll ech soen ... Et sinn eigentlech éischter Befierchtungen, déi opgeworf ginn, wéi reell Saachen, wou een elo ka soen: „Dat doten ass e klore Verstouss géint den Dateschutz!“, well soss hätte mer jo eppes ganz aneres draстоen an da sinn ech och sécher, dass de Staatsrot eis warscheinlech eng Opposition formelle gemaach hätt.

Mee bon, wéi gesot, dass ass elo näischt fundamental Neies. Et ass awer alles interessant, wat do drasteet. An dass soll een och seriö kucken an eescht huelen natierlech, wat do drasteet, och wann et net elo, wéi soll ech soen, an deem Sënn ass, dass gesot gëtt: „Do gesi mer direkt e klore Verstouss géint den Dateschutz.“ Et sinn éischter Bedenken, déi geäussert ginn, oder Froen, déi gestallt ginn.

An da kommen ech zu där Problematik, well een hei op der Foto effektiv kéint gesinn ..., also dass do kéinte Leit matgeknipst ginn, déi net am Auto sëtzen, mee zum Beispill um Trottoir niwendru stinn. Ech hunn éischters schonn emol e Bréif geschriwwen och u meng Stroossebauverwaltung, si solle mer wannehgelift technesch dass nach eng kéier



préiwe loosse, wat et do kéint ginn. An ech wëll lech awer soen, dee Radar, dee mir hei hunn, am Contraire zu deem, wat virdrun hei behaupt ginn ass: Et ass genau deen nämmelechten, deen a villen europäesche Länner fonctionéiert. A mir hunn eis dat natierlech alles ugekuckt. A mir hunn och gekuckt, wat et um Marché gëtt, an eis mat der Ausschreibung duerno dorun orientéiert, well mir hu souwisou och e puermol de Cahier des charges, ier mer e lancéiert hunn, adaptéiert, well mer eis déi Techniken alleguerte genau ugekuckt hunn.

Ech muss soen, ech fannen et och e bëssen e staarkt Stéck, well et ass jo net de Minister, deen d'Technike kucke geet an d'Ausland, mee et sinn d'Ingenieure vun der Stroossebauverwaltung, dat hei e bëssen esou duerststellen, wéi wann dat elauter Clowne wären, ech fannen dat e bësselchen eng Frechheet par rapport zu deene Beamten. Déi maachen hir Aarbecht uerdentlech an déi hu selbstverständlech déi Techniken alleguerte genau gekuckt.

Et ass awer allerdéngs esou ..., an duerfir huet d'CNPD och hei an hirem Avis net eppes geschriwwen am Sënn: „Dir verstoussst géint den Datenschutz!“ Si hu just Bedenken ausgeschwat. Firwat? Ma well déi Fro do sech natierlech virun allem stellt, wann een d'Foto och kuckt a Wierklechkeet. Déi meescht Fotoen, déi gi jo während enger gewässer Zäit gespäichert an da gi se souwisou gelöscht, entweder wann de Protokoll bezuelt ginn ass oder wann et da souwisou bei d'Justiz geet, jo, da geet jo alles souwisou dohinner. Da si mer an engem aneren Zenario.

Mee et ass esou, dass déi Fotoen eréischt gekuckt ginn, wann ee contestéiert a seet: „Lauschtert emol, ech souz net am Auto!“, aus wat fir engem Grund och ëmmer. Da kann ee jo d'Foto kucke goen. An dann ass et natierlech kloer, da gesäit en op där Foto just de Chauffeur. Da gëtt alles geschwäert, wat kéint do opgeholl gi si ronderëm. Dat heescht, par rapport zum Datschutz: Deejeenigen, deen dohinnerkennt, an och soss keen duerno méi, well dann ass et definitiv geschwäert, gesäit, wat ronderëm geschitt ass.

Elo ginn ech awer gär zou, ech hätt och léiwer eng technesch Léisung, déi dat d'office géif maachen. A wann et déi gëtt, dat hunn ech och an der Kommission gesot, da sinn ech och bereet, dass mer déi sollen direkt asetzen. Wann et nëmme e Software-update ass - wat ech awer e bësse bezweifelen, dass dat esou einfach wäert sinn, mee bon, who knows? -, mir kucken dat technesch no, da kann een dat ganz gär maachen.

Mee duerch de Fait, dass et awer esou gereegelt ass, dass d'Fotoe geschwäert ginn an esou weider, wa se och consultéiert ginn, doduerch ass et natierlech kee Verstouss direkt géint den Datschutz. Si hu just Bedenke geäussert, well natierlech hunn ech och ëmmer léiwer, et gëtt kee geknipst, deen am Auto sëtzt. Et ass jo och esou bei engem normale Radar. Do gëtt d'Foto geholl an theoreetesch kéint Der do och gesinn, wien alles am Auto sëtzt, mee do gëtt se och geschwäert, wann ee kucke geet. Dat heescht, et ass just de Chauffeur, dee gefuer ass, deen een da gesäit.

Ech muss och soen, wann hei Behauptungen opgestallt ginn, mir géifen elo hei ..., quasi Dausende Leit wären ongerechtfergt Gott weess wou a Fichieren: Ech kann dat alles net novollzéien, well dat entsprécht och net der Realitéit. An ech wëll och soen: Mir mussen jo elo net hei maachen, wéi wa mer zu Lëtzebuerg hei eppes besonnesch aner erfondt hätten. Mir hunn dat heiten zu Lëtzebuerg elo vun der Technik, wat et an deene meeschte Länner gëtt. A mir hunn eigentlech vum System hier, dee mer opgebaut hunn ..., mat vill Verspéidung, muss een awer soen, well déi meescht Länner hate scho vill méi fréi déi Systemer. Hui hu mer déi agefouert a mir hunn eis natierlech orientéiert, mir hunn e Benchmark gemaach, wat et alles an Europa an an der Welt gëtt.

An ech wëll och soen, duerfir déi - entre guillemets - „Toleranzgrenzen“. Dat si jo technesch Toleranzen, déi agebaut gi sinn, déi berüümtedräi Stonnekilometer. Dat gëtt et nämlech identesch genau an der Schwäiz, als Beispill. D'Schwäiz ass iwwregens, niewebäi bemierkt, dat Land mat mat deene beschte Verkéiersstatistike an der Welt, wou d'Verkéierssécherheet am beschte fonctionéiert. Et huet seng Grënn, firwat dat an der Schwäiz esou ass.

Also mir hunn eis do un der Schwäiz orientéiert, um „best of class“ niewent Holland, wou et änlech ass wéi zu Lëtzebuerg. Och hu mer eis do orientéiert, well mer jo wëlle Mënscheliwe retten. An duerfir huet et och kee Wäert, Saachen hei un d'Wand ze molen, déi net sinn. Mir hunn hei keen extra Superiwwerwaachungssystem ageféiert, deen et soss nach néierens gëtt. Mir hunn dat gemaach, wat et a villen demokratesche Länner an Europa gëtt, wéi och hei zu Lëtzebuerg.

Elo kann een natierlech d'Technik, déi evoluéiert, ëmmer erëm verbessern. Ech mengen awer, dass mer dat natierlech och ëmmer maachen an ëmmer erëm am A behalen, wat vun neien Technike kënnt, an och ëmmer erëm bereet sinn, dass ze maachen.

Ënnert dem Stréch geet et awer hei ganz kloer drëm, Mënscheliwe ze retten.

Da wëll ech nach just zwee Sätz soen iwwert déi zwou Motioune vun de Piraten hei. Déi éischt, déi betrëfft d'Sécherheetssystemer an den Autoen: Foussgängererkennung, Rout-Luuchten-Erkennung an esou weider. Bon, éischters emol ass ze soen, de Rout-Luuchte-System, dee gëtt et schonn haut an den Autoen, dee kann een als Option natierlech bei villen Autoen eréischt drophuelen. Dass den Auto automatesch bremst, dass kann een och ausschalten am Auto, dass just niewebäi bemierkt. Mee bon, dass ass awer emol egal. Ech si fir déi Systemer. An ech setze mech an Europa an am europäesche Conseil zënter Joren an, dass all déi sécherheitsrelevant Systemer iwwerhaupt keng Optione bei den Autoe solle sinn, mee d'office, wéi de Sécherheitsgurt, mussen ageféiert ginn, dass heescht, wann een den Auto keeft, dass d'office déi Systemer drop sinn.

Ech muss awer soen, ech sinn awer net der Meinung, dass mer elo sollen ufänken, och nach mat Subsidien hei ze verfuere. Mir kënnen natierlech esou wäit goen, dass mer op eemol alles um Auto subsidiéieren, dass den Auto bal näischt méi kascht. Dat kënnen mer natierlech och maachen. Mee mir liewe jo an enger grenzenloser Welt, wou d'Fantasie grenzenlos ze si schéngt.

Also ech si fir déi Systemer an ech si ganz kloer der Meinung, déi sollen obligatoresch duerch EU-Reglementatiounen an duerch national Ëmsetzung da vun deenen ageféiert ginn, dass d'Constructeure gezwonge ginn, dass d'office an d'Autoen anzebauen. Well dat bréngt eis ganz vill.

An da wëll ech lech och soen: Et ass jo interessant, et gëtt jo vill iwwert déi Froen diskutéiert vu Respekt oder Netrespekt vun de Verkéiersregelen. Am Endeffekt, dat Einfachst ass, sech un d'Reegelen ze halen, da fuere mer all méi sécher an da kritt keen e Protokoll an da sinn d'Gerichter aarbechtslos. Dass ass den Idealzoustand. A mir wäerte jo, wa mer elo bei deene Sécherheitsstandarden, déi mer haut schonn un den Autoen hunn ..., dass ass jo den Ufank vum autonome Fueren.

An duerfir soen ech och ëmmer als Beispill: Ass et net traureg, wann d'autonomt Fuere bis eng Kéier fonctionéiert an all d'Autoen - dass wäert iergendwann eng Kéier kommen an der Zukunft, d'autonomt Fueren - ...? Da wäerte warscheinlech d'Accidenter duerch de Fait, dass natierlech déi künstlech Intelligenz, déi an deem Auto agebaut ass, esou programmiert ass, dass se sech 100%eg un alleguerten d'Reegelen hält, dass Sécherheet zimmlech no un null kommen.

Ganz wäert et vläicht och net méiglech sinn, et ze evitéieren, well et kommen ëmmer Improvuen, wou och net onbedéngt den Auto ëmmer derfir kann, mee et ass awer esou, dass et da wierklech ganz, ganz dramatesch wäert erofgoen. Mee ass et net traureg, dass mer künstlech Intelligenz brauchen, fir d'Vision vun null Verkéiersdoudeden a Verkéiersverletzten ze realiséieren? Wär et net awer grad-esou gescheit, wa mir Mënschen, déi jo d'künstlech Intelligenz erfannen, selwer derfir géife suergen?

An duerfir soen ech Merci fir déi breet Zoustëmmung.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Domat wiere mer um Enn vun der Diskussioun ukomm.

Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7652. Den Text steet am Document parlementaire 7652⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7652 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dese Projet de loi mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Spautz), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves

Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Léon Gloden), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding (par Mme Octavie Modert);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer zum Vott vun deenen zwou Motiounen, déi vun de Piraten deposéiert gi sinn. Ass nach een, deen d'Wuert zu dese Motioune freet? D'Madamm Josée Lorsché.

(Interruptions)

Nee, den Här Carlo Back.

Motions

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Ech wollt Positioun huelen zu deenen zwou Motiounen, déi d'Kollege vun de Piraten ofginn hunn.

Zu där éischter, wat d'Subside betrëfft, si mer och der Meinung, dass een dat soll aféieren um europäeschen Niveau, dass dat standardiséiert Produite sinn, déi dann och standardméisseg an och esouguer obligatoresch an den Autoen agebaut ginn. Wéi gesot, mengen ech, kéinte mer déi net akzeptéieren.

Déi zweet, mengen ech, do huet de Minister jo och geäntwert: Wann Der den Avis vun der CNPD liest, bemängelt en dat vläicht au maximum, mee e seet awer elo net, dass mer do datschutzméisseg total niewent der Plack géife leien. De Minister huet d'Prozedur erkläert. Do ass kee vu baussen, deen déi Foto gesäit, deen déi Foto net soll gesinn hunn.

A wa mer da schwätze vun Daten, déi op engem Server landen, déi gelöscht ginn, wa mer dann hei wierklech eng Excursioun maachen, wat alles vu kriminellen Taten do méiglech ass, da muss ech lech awer soen, Piraten, Dir sidd jo awer och ...

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- D'Datschutzpartei déi gréng, ganz grouss!

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**.- ... gären an der Informatik, dann hu mer besser, keen Ordinateur méi unzepaken an och keng Donnéeë méi ofzespäicheren. Ech mengen, d'Prozedur ass hei ganz kloer. Et si keng Daten, déi gesi gi vun engem, dee se net soll gesinn. An dofir, wéi gesot, kënnen mer och déi zweet Motioun vun de Piraten net akzeptéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Back. Den Här Serge Wilmes, wannechgelift.

■ **M. Serge Wilmes (*CSV*)**.- Jo, also ech schwätzen zur Motioun Nummer 1. Zur Motioun Nummer 2 géif den Här Roth schwätze fir d'CSV.

Also bei där éischter, wou Der jo fuerdert, modern Sécherheetstechnik beim Kaf vun engem Neiwon mat enger Subventioun ze ënnerstëtzen, ass net richtig kloer, wat domadder gemengt ass. Ech mengen, déi meescht Autoen hunn haut awer Sécherheetstechnologien dran. Well, sinn nach méi Sécherheetstechnologien gefrot oder wat? Mee et geet net kloer ervir dobäi. Dofir versti mer net richtig, wat domadder gemengt ass, wat dat wierklech soll fir eng Plus-value sinn. Dofir géife mer à ce stade bei deser Motioun dergéint stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Den Här Roth zur Motioun Nummer 2.

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Jo, merci, Här President. Ech hu fonnt, dass dat hei eng ganz gutt Debatt war. An de Minister huet och herno nach eng Kéier explizéiert, firwat dass dee Projet de loi hei gutt ass am Interessi vun der Verkéierssécherheet. An ech mengen, dass droe mir och alles mat.

Ech wëll awer och soen, dass déi Ried, déi den Här Goergen gehalen huet, dass déi fundéiert war. Dass kann een net einfach esou vun der Hand weisen, well hien huet sech och referéiert op en Avis vun der Datschutzkommissioun. Ech weess net, ob jiddweree vun eis 60 deen am Detail gelies huet. Deen ass och relativ rezent, deen ass vun dem 30. Dezember vun dem leschte Joer.

Vun eiser Säit si mir awer der Meinung, dass sech hei eng Rei vu rechtsstaatleche Prinzippien, wéi de Schutz vun der Privatsphär an och virun allem dee vun der Verhältnisméissegkeet, stellen. An et ass esou, elo kënnt Der soen: „Mee da kann een dat jo eng Kéier bei Gerichte virbréngen!“, mee Dir wësst och, dass déi mannste Leit ... Wa se en Avertissement taxé kréien, si se zwar vläicht net frou doriwwer, mee se ginn net onbedéngt fir 49, 74, oder wat ass et, 145 Euro dass op d'Gericht contestéieren.

Also mir wieren an deem Sënn derfir a mir géifen dat och plädéieren, dass een den Avis vun der CNPD eng Kéier sollt kucken an enger Commission jointe vun den Travaux-publics- a Mobilitéitskommissiounen zesumme mat der Justizkommissioun. Well ech muss lech ganz éierlech soen, déi Froen, déi d'CNPD am Kontext opgeworf huet vun deem Gesetzesprojet, déi ginn awer an der Logik ganz an déi Linn och vun deene rechtsstaatleche Froen, déi sech gestallt hunn oder nach ëmmer stellen um Niveau vun de Fichiere vun der Police. A mir géife wierklech och d'Majoritéitsvertreder bieden, dass se géife mat op dee Wee goen.

Bon, wa se Nee soen, da mussen mir eeben e Bréif maachen, fir déi zwou Kommissiounen mat där Problematik ze saiséieren. Mee et soll een net einfach doriwwer ewechgoen, onofhängeg vun eiser grundsätzlecher Positioun, déi mer ageholl hunn, fir dem Projet de loi eis Zoustëmmung ze ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Roth. Den Här Bausch huet d'Wuert.

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Jo, natierlech soll een den Avis vun der CNPD seriö huelen. Dass hu mer och gemaach. Ech hunn awer och gesot, dass an deem Avis hei par rapport zu deem éischten, dee mer kritt hu virun enger Rei Joren, keng weesentlech Elementer drastinn. Dir kënnt dee roueg noliese goen, dee jo deemools geschriwwen ginn ass, wéi mer dat éischt Gesetz gestëmmt hunn, dass d'CNPD näischt fundamental Neies gesot huet.

Dat Eenzegt, wou se eng Fro opgeworf hunn, dass ass déi Fro, wann een um Trottoir geet, wann ee matgeknipst gëtt. Dass ass déi Fro. Dozou hunn ech jo och gesot, ech hu menger Verwaltung e Bréif geschriwwen, se solle mer dat klären. Et ass allerdéngs esou, d'CNPD mécht net e formellen Awand, wou se seet: „Dat do ass elo wierklech definitiv e Verstouss géint den Datschutz!“ Si huet just bedenken. Si seet: „Hätt et do net kënnen eng aner Technik ginn?“ an esou weider. Well soss hätt se jo geschriwwen: „Lauschtert emol, dass do geet net datschutzméisseg!“ Well d'Prozedur awer kloer ass, eebe wien d'Foto kuckt a wéi een un d'Foto kënnt a wéi laang se gehale gëtt.

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass ... Natierlech, den Här Roth huet Recht, dass hei ass en Deel vum Fichier vun der Police, well dat heite Gesetz reegelt jo elo nëmme d'Technik a wéi et fonctionéiert a wéi laang alles soll conservéiert ginn. Ma dass anert ass dann de Policefichier, dee geréiert gëtt. A mir haten dat hei jo och an der Diskussioun deemools mat an der Policefichiersdiskussioun.

Ech muss awer soen, den Här Goergen, en huet hei dat Urteel zitéiert a gesot, de Staat hätt do Onrecht kritt. Nee, de Staat huet dergéint Appell gemaach an en huet an der zweeter Instanz Recht kritt! Dass kann emol virkommen, dass an enger éischer Instanz de Staat net Recht kritt, mee an zweeter Instanz huet e Recht kritt.

An ech wëll och soen, Här Goergen, et gëtt scho vill Contestatiounen, et gëtt der enorm vill virun de Gerichter par rapport zu de Protokollen. Nach keen een Urteel ass ausgaange bis elo géint de Staat! Dass schwätzt awer net onbedéngt géint d'Legislatioun, déi mer gemaach hunn, géif ech soen, well wann dat esou wär, wéi Dir et hei beschriwwen hutt, dass mer hei quasi virum totaalsten Iwwerwaachungsstaat wären an heimadder ech weess net wat géif gemaach gi vu Saachen, dann, mengen ech, hätt de Staat och scho bei där enger oder där anerer Kéier verluer viru Gericht, wann ee contestéiert huet.

Mee ech hunn awer kee Problem mat der Propos vun Här Roth. Selbstverständlech kënnen mer ganz gär eng Kéier den Avis ... Mir haten den Avis och an der Mobilitéitskommissioun emol duergeluecht. Mir kënnen et awer och ganz gären eng Kéier nach an enger Jointe maache mat der Justiz oder ... Iwwregens, ech wär och interesséiert, d'Justizautoritéit kënnen jo selwer dohinnerkommen, si kënnen vun hiren Erfarunge schwätzen am Zesummenhang mat där ganzer Gesetzgebung. Ech hu guer kee Problem domat. Ganz gär!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Mobilitéitsminister François Bausch. Ech ginn d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Merci. Also fir d'éischt emol zur Motioun 1. Do war effektiv d'Iddi - et kann ee jo net op all rout Luucht, wéi dat elo och hei ugeklongen ass, e Radar bauen -, dass een dee System, Dir kennt en alleguerten, aus den Autoen, dass kascht elo net méi d'Welt, dass den Auto automatesch bremst, wann een engem virun den Auto spréngt, subventionéiere géif. Mir hu geduecht, dass wär och eng sénnvoll Subventioun, well jo och net jiddweree et sech ka leeschten. An duerfir hu mer jo och gesot bis 40.000-Euro-Autoen. Déi, déi méi deier Luxusautosmarke kafen, kënnen sech natierlech och esou en Assistent derbäikafen. Ech mengen, wann een 8.000 Euro Ëmweltprimm ka ginn, da



géif et och net schueden, wann een e puer Liewe kéint rette mat esou engem Assistent, deem d'Foussgänger schützt.

Zur zweeter Motioun: Mir begrëissen, dass dat an d'Kommissioun géif goen. Et ass nämlech wierklech e Punkt, an d'CNPD huet dat opgeworf. Et ass net esou, wéi den Här Back gesot huet, „bis een dat kucke geet“. Nee! Do ginn Dausende vu Fotoen, an den Här Bausch huet gesot, wi vill, wa mer herno 10, 50 Radaren op de Luuchten hunn, sinn dat Dausende Fotoen all Dag, déi op e Server vum Staat geluede ginn an e Fichier, ouni anonymiséiert ze sinn!

Dat heescht, mir hunn herno e Fichier, wou jiddwereen, deem iergendzwousch do getrëppelt ass, op deene Fotoen ass, mat der genauer Zäit, mat dem Datum, mat allem! Dat ass de Problem, op dee mer opmierksam maachen! Net dass herno ee kucke geet an da mécht deem eppes Schwaarzes driwwer an dat kritt deem, deem de Radar contestéiert, da kritt deem ... Nee, de Fichier ass do beim Staat op engem Server mat Dausende Fotoen! Dat ass de Punkt. An dofir hätte mer am léifsten, dass ...

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Här Goergen, e Fichier mécht jo awer nëmmen e Sënn, wann en aktiv ass, an net, wann en net aktiv ass.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Nee, am Dateschutz, wann Dir Fotoen op engem Server stoen hutt, dat ass dach schoonn de Problem! Dat ass dach de baanaalsten Dateschutz! Dir kënnt jo net soen: „De Problem ass ..., mir späicheren egal wat op Serveren, eréischt wann een dat kucke geet, ass d'Infraktioun drop.“

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Dat hunn ech net gesot!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dach, dat hutt Der elo grad gesot!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- De Problem ass, Dir späichert se. Et späichert ee se, dat ass de Problem! Dir kënnt net vun all de Bierger déi Fotoen huelen, se späicheren an herno soen: „Jo, wann iergendeng kéier ee se kucke geet, ass de Problem do.“ Nee, Dir hutt Servere mat Fotoe voll leien, dat ass de Problem! An duerfir hate mer geschriwwen, och éier dës Zort ...

Dir kënnt eis jo elo vläicht soen, wéini de Radar a Betrib geet a wéini mer d'Kommissioun dann nach kéinte virdu maachen, fir dat doten ze klären. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- D'Haaptsaach samelen!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass keng Wuertmeldung méi do, da kënne mer zum Vott kommen.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou et ëm modern Sécherheetstechnik geet.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun da bei 2 Jo-Stëmmen a 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Spautz), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wann ech dat richteg verstanen hunn, si mer dann d'accord, fir ... Nee!

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Här President, d'Motioun, hat ech gesot, géife mer ofleenen, also d'Chamber soll se ofleenen. Mee ech sinn awer d'accord mam Här Roth senger Proposition, datt mer eng kéier mam Avis vun der CNPD an d'Kommissioun kommen an deem dann natierlech do diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen. De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech och hei den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun da bei 4 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Spautz), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).

10. 7693 - Projet de loi relative à la construction d'infrastructures d'accueil pour enfants et jeunes à Pétange

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch ass de Projet de loi 7693 iwwert de Bau vu Kannerbetreiuungsinfrastrukturen zu Péiteng. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an de Rapporteur ass den honorabelen Här Carlo Back, deem och elo d'Wuert kritt. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, an deem heite Projet geet et drëm, der Regierung d'Erlaabnis ze ginn, fir maximal 100 Milliounen Euro - Bauindex 837,53 - eng ganz Rëtsch Infrastrukturen zu Péiteng opzeriichten.

D'Beneficiairë vun dësen Infrastrukture si Kanner a Jugendlecher, déi do ënnerbruecht ginn, forméiert ginn oder soignéiert ginn. Et ass also e Bauprojet, wou d'Käschte vum Fonds d'investissement public sanitaire et social iwwerholl ginn. Am Detail geet et bei dësem Finanzéierungsgesetz drëm, fir néng verschidden Infrastrukturen ze bauen, déi sech op zwee verschidde Sitten am Zentrum vu Péiteng verdeelen, de Site Batty Weber an de Site Robert Krieps.

De Kontext vun dësem Projet de loi: Et ass e Projet mat engem sozialen Hannergrond. Dës sozial a pedagogesch Infrastrukture ginn am Zentrum vu Péiteng opgericht. Fir de Moment huet eist Land engersäits e kloer Manktem an esou Infrastrukturen an anerersäits komme verschidde besteeënd Infrastrukturen an hir Alterslimitt. Mat den neie Gebailechkeeten investéiere mer deemno ronn 100 Milliounen an eng modern, adequat a spezialiséiert Prise en charge vu Kanner a Jugendlechen - an deelweis och souguer vun Elteren -, déi en Handicap, sief dat physesch oder psychesch, mat sech droen oder déi zu hirem Schutz vum Staat placéiert goufen.

Et geet an deem Sënn och drëms, dës Persounen net nëmme psycho- a soziefamilial en charge ze huelen, mee hinne mëttel- a laangfristeg kënnen ze hëllefen an hinnen d'Méiglecheet ze bidden, maten an eiser Gesellschaft ze liewen.

Hei am Resümmee weider Informatiounen zu dëse Bauten an deenen do offréierte Servicer; méi detailléiert Informatiounen fannt Dir a mengem schrëftle-

che Bericht: eng national, fir d'éischt emol eng national, Pouponnière fir 54 Kanner vun null bis sechs Joer, déi vum Geriicht placéiert goufen. Dës wäert hei déi eenzeg national Institutioon ginn, wou kleng Kanner respektiv Bëbeeë mat grave Stéierungen 365 Deeg am Joer betreit ginn, zum Beispill Kanner mat psychomotoresche Schwieregkeeten oder Retard oder Kanner, déi musse sevréiert ginn, well d'Mamm süchteg ass a reegelméisseg Droge konsuméiert huet während der Schwangerschaft.

Dann e psychotherapeuteschet Internat, wou 18 Kanner an enger familljenänlecher Struktur betreit ginn. Hei hu mir och ee ganz grouse Besoin, well de Moment e bësse manner wéi 100 Kanner, genau 99 Kanner, am Ausland musse betreit ginn.

E Centre thérapeutique et administrative: Dësen Zentrum kombinéiert administrativ an edukativ Aufgaben. De Bauprogramm gesäit eng eege respektiv intern Schoul vir fir déi Kanner, déi net extern, dat heescht am klassesche Schoulsystem, mathale kënnen, dëst mat engem Foyer de jour fir auserschoulesch Aktivitéiten.

Hei ass och en Therapiezenter virgesinn, deem et erlaabt, ambulatoire Consultatiounen duerchzeféieren, fir datt d'Kanner an d'Jugendlecher weider Kontakt zu hiren Eltere behale kënnen. A fir de Rescht ass an dësem Gebai och d'Administratioun virgesinn, déi dee ganze Site geréiert.

Weider gi Logementer gebaut fir Persounen, déi Problemer mat Autismus hunn. Hei sinn zwee Type vu Strukture virgesi fir Persounen, déi autonom sinn oder déi an enger Groupe de vie liewen.

Logementer fir Elteren, déi een intellektuellen Handicap hunn. Hei gi Sozialwunnenge gebaut a verlount u Persounen, déi e liichte kognitiven Handicap hunn. An do derniewent soll och nach en Informationszentrum entstoe fir dës Leit.

Gemeinsam Infrastrukturen um Site Batty Weber. Dës Infrastrukture sollen et erlaben, Sport a Reeducatioun ze maachen. Eng Salle polyvalente commune ass hei och virgesinn. De Centre médical, deem hei gebaut gëtt, soll nieft dem internen Zweck och fir d'Bevëlkerung vu baussen notzbar ginn an esou d'medezinnesch Proximitéitsversuergung zu Péiteng verbessern.

Als weider gemeinsam Infrastruktur ass op dësem Site dann och nach e Parking mat 92 Emplacements an den Amenagement vun enger ëffentlecher Plaz virgesinn.

Dann en Internat socio-familial. Hei gëtt en Internat opgeriicht fir 60 Kanner a Jugendlecher, déi hei während de Schoulperiode kënnen hebergéiert ginn. Dat ass éischstens eng ganz wichteg Infrastruktur fir de Süde vum Land, wou et bis elo nach keen Internat gëtt, mee de Besoin awer wisst. Et ass iwwrengs och eng éischt Infrastruktur, déi souwuel fir Grondschoulkanner wéi fir Jugendlecher geplangt a gebaut gëtt.

Dëst Finanzéierungsgesetz begräift natierlech och den Amenagement vun den Alentoure vun deenen zwee Sitten an.

D'Gesamtsurface vum Projet ass 2,43 Hektar an d'Surface brute, déi bebaut gëtt, beleeft sech op 21.000 Meterkaree fir ee Volume brut vun 82.000 Meterkibb. D'Gebaier ginn ugeschloss un de Chauffage urbain vu Péiteng. Fotovoltaik a Panneaux solaires thermiques ginn och hei installéiert an eng Begrünung vun den Diecher ass och virgesinn.

Dës Gebaier ginn, wa se fäerdeg gebaut sinn, vun ASBL e bedriwwen, déi all eng Konventioun entweeder mam Ministère vun der Famill, Integratioun an der Groussregion oder mam Ministère vun der Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse hunn.

De Projet ass den 3. November 2020 deposéiert ginn an de 14. Januar 2021 an der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Baute presentéiert an diskutéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis de 4. Dezember ofginn. De Rapport, esou wéi en lech hei virläit, ass de 4. Februar an där selwechter Kommissioun ugeholl ginn.

An ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der gréngrer Fraktioun dozou.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci dem Rapporteur.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert - an e gutt Wuert!

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Carlo Back, fir säin ausféierleche Rapport souwuel mëndlech wéi och schrëftlech.

Am Här Back sengem schrëftleche Rapport geet en och nach eng kéier op den Historique an, dass dee Projet zrëckgeet op d'Joer 2013, d'Joer 2013, wéi

de Familljeministère, deem deemools och nach zoustänneg war fir all d'Voiete vun de Kanner a vun der Jeunesse, en Appell gemaach huet an eng Gemeng gesicht huet, fir déi do Strukturen alleguerte kënnen ze huelen, well ganz grouss Nout um Mann war, fir souwuel eppes ze maache bei eisen Autisten, fir eppes ze maache fir alleguerten déi Strukturen, wou mer d'Kanner hu missen an d'Ausland droen.

An déi méi stänneg Kolleegen heibannen, déi scho virun 2009 hei waren, déi kënne sech erënneren, dass dat ëmmer eng hefteg Debatt heibanne war, dass mer esou vill Kanner hu missen an d'Ausland ginn, well mer net déi néideg Betreuungsplazen hatten.

Dat war d'selwecht mat de Pensionater fir eis Kanner a Jugendlecher, wat ëmmer méi e grouse Besoin ginn ass. Dat hate mer am Zentrum an am Oste vum Land, mee am Süde ware mer do zimmlech schwaach gestiwelt.

D'Gemeng Péiteng ass deem Appell 2013 deemools nokomm. Ech hat deemools d'Chance, zesumme mam Claude Wiseler - hie war Bauteminister an ech Familljeminister -, wéi mer mat der Péitenger Gemeng fir d'éischte kéier doriwwer geschwat hunn, fir hinnen och ze soen, wat dat alles géif bedeiten. Et war de Site - an dofir ass d'Diskussioun och dorop gefall - vum fréiere Lycée Mathias Adam, wou dat heite sollt hikommen, wou de Staat e groussen Deel vun Terrainen hat, well virdrun do e Lycée war, an dofir war et och wichteg, dass esou Strukture géifen an de Süde respektiv an d'Land kommen.

Well, wéi de Rapporteur et richtig ënnerstrach huet, bei deem ganze Site mat engem bebaute Volume vun 82.000 Meterkaree si Strukturen dran, déi sech méi op de regionale Charakter bezéien, mee et sinn der awer och mat dran, déi ganz wichteg sinn, fir deene méi Schwaachen an der Gesellschaft, déi net d'Chance haten, an der Gesellschaft mat virbäi ze sinn, kënnen ze hëllefen, ob dat eis Kolleeg vum den Autiste sinn oder och d'Elteren, déi Schwieregkeeten hunn, a fir dass déi Kanner an enger Pouponnière kënnen ënnerbruecht ginn. Well et war och e grouse Besoin hei am Land, fir eng national Pouponnière ze hunn, fir dat och alles kënnen ze maachen.

Ech kann lech soen: Deemools war et relativ schwéier, fir iwwerall déi eenzel Sitten ze fannen. Mir haten och deemools e Site fonnt, wat och herno eng Konventioun ginn ass mam Educationnsministère, an där klenger Gemeng - pardon, Här Buergermeeschter, mee et ass awer esou - Tandel zu Furen, fir och do e puer Strukture kënnen ze maachen, fir deene Schwächsten an eiser Gesellschaft eng Chance ze ginn. An dat ass dat, wat hei zu Péiteng geschitt, wou een der Gemeng Péiteng muss e grouse Respekt soen, well, mir hate virdrun nach driwwer rieds, soss hutt Der esou Foyeren e bësse méi ausserhalb vun den Uertschafte gesinn.

Ech ka mech och erënneren: An de 70er-Joren, an och déi méi stänneg Kolleegen heibanne wëssen dat nach, dunn ass och am Alters- a Fleegeberäich ëmmer e bësse méi extern gebaut ginn. Et ass eréischt duerno, wou d'Ëmdenke komm ass, dass et wichteg ass, dass dat och am Zentrum vun enger Uertschaft ass. Dofir kann een och just soen, dass et bei deem Projet hei, deem elo am Zentrum vu Péiteng ass, och ganz wichteg ass, dass déi Leit net ausgeschloss sinn, mee dass déi Leit och do d'Méiglechkeet vun enger Integratioun hunn, dass dat och e ganz groussen Atout ass, deem déi Strukturen herno mat sech bréngen.

Mir als CSV op alle Fall ginn deem Projet hei voller Iwwerzeegung eis Zoustëmmung. Mir soen och Merci, dass dat elo kënnt. Mir wëllen awer an deem Merci och d'Gemeng Péiteng aschleissen, déi do de Fanger an d'Luucht gehuene hunn a gesot hunn: „Mir si bereet, dass déi Strukturen elo bei eis kommen.“

Et ass jo e relativ groussen Areal, deem do entsteet: 2,43 Hektar. Dofir si mer och voller Zouversicht, dass de Projet séier kann ëmgusat ginn, an dat am Interêt, wéi gesot, vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft, dass mer et do fäerdegbréngen, deenen och eng zousätzlech Liewensqualitéit kënnen ze ginn, an dat am Interêt vun eis alleguerten.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Merci, Här President. Et handelt sech, wéi de Rapporteur eis dat ganz gutt beschriwwen huet, ëm eng ganz Partie ënnerschiddlech Projeten, alleguerten am sozioedukative respektiv am therapeutesche Beräich, alles Projeten, déi mer dréngend brauchen, fir de Besoinen an där Hiiicht hei zu Lëtzebuerg nozekommen.

D'Demande besteet scho méi laang vusäite souwuel vum Bildungs- wéi och vum Familljeministère, fir d'Capacitéiten zu Lëtzebuerg auszubauen. Et brauch ee sech nëmmen déi laang Waardelëschten